Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg (SMAL)

1938 gegrënnt

Directioun: Felix HAUSEMER

President: Raymond MAHNEN
40, rue de Hesperange, L-1731 LUXEMBOURG

Eisen Orchester as ëm 1937 entstanen duerch dem jonke Musiker Albert MOES (*01.07.1908, ✞ 13.05.1982) säi Bestriewe fir mat anere Jugendlechen, déi sech fir Accordéon begeeschtere konnten, an der Öffentlechkeet Concert ze spillen.

Wan een enger Annonce am "Luxemburger Wort" vum 16.06.1937 ka gleewen, da war op desen Dag um Knuedler dien éischten Accordéonconcert hei am Land.

Den neie Grupp, dien uechter d'ganzt Land invitéiert gouf, fir all méiglech Geleeënheete musikalesch zënnermolen, war vum 22.-24.05.1938 op ë Concours zu Léck (Liège) a krut d'"Coupe d'Honneur" mat däer allergréisster Auszeechnung an den aussergewéinleche Félicitatioune vum Jury. Ausserdiem gouf dem Albert Moes den Titel vum "Professeur d'Accordéon" zouerkannt.

Zënter dem 14.01.1940 as d'Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg (SMAL) - mat enger Ënnerbriechung - Member an der UGDA.

De Veräinsfändel gouf den 18.05.1947 ageweit.

1963 huet d'Stad Lëtzebuerg Millénaire gefeiert an d'SMAL huet fir des Geleeënheet fir ongeféier 1.200 Accordéonisten aus 6 verschiddene Länner d'"Coupe d'Europe de la Communauté Européenne de l'Accordéon" organiséiert. Gewënner vun deser Coupe grad wéi vun der "Coupe du Millénaire" vun der Stad Lëtzebuerg war d'Société Municipale des Accordéonistes de Luxembourg.

Eppes méi spéit am Joer, de 14.+15.11.1963 war deeselwechten Orchester och Organisator a Gewënner vun der "Coupe du Monde".

Um "Concours Mondial" den 23.04.1974 zu Huy hat d'SMAL och nees enorme Succès.

1977 huet den Albert Moes eisem aktuellen Dirigent, dem Felix HAUSEMER, den Dirigentestaw iwwerreecht.

Zënter 1983 sin d'Musikanten all Joer Päischtdënschdeg zu Iechternach fir an der Sprangprozessioun als Accordéonisten matzegoen.

Am Kader vun der "Journée Nationale de l'Accordéon" all Joer am November organiséiert ënnert dem Patronage vun der UGDA huet och eisen Orchester bis elo matgemaach.

1981 gouf eng Accordéonschoul gegrënt fir dem Veräin den néidegen Nowuess ze garantéiren. Zënter enger Gesetzesreform huet de Conservatoire d'Aufgab vun der Formatioun iwwerholl.

Wéi scho gesot bedreiwt den Orchester och internationalen Austausch. Beim 50-enaire den 18.06.1988 kont de Veräin als Gäscht ënnert Anere begréissen: den "Akkordeon - Spielring Bietigheim" (D) an den "Akkordeon - Orchester Freudenstadt" (D). D'SMAL huet schon zu Bietigheim, zu Freudenstadt an zu Menningen eng Prouw vun hirem Répertoire gin.

Fazit: am kulturelle Liewen zu Lëtzebuerg as d'SMAL net méi ewechzedenken.